

RESOLUTION

Den ADR Nationalkongress ass

- sech bewosst, datt d'Ukrain en Deel vun der europäescher Famill ass;
- déif betraff iwwert déi dramatesch Situatioun an der Ukrain;
- solidaresch mam ukrainesche Vollek an der Nout;
- dorëm beméit, d'Ukrain un d'Europäesch Unioun erunzeféieren;
- an der Hoffnung, déi bilateral Relatiounen mat der Ukrain laangfristeg ze stärken;
- am Wonsch, kënnen humanitär a friddensstëftend Initiativen ze ënnerstëtzen;

begréisst

- déi enorm Solidaritéit mat den ukrainesche Flüchtlingen, a seet alle Leit Merci, déi esou Leit ophuelen oder sech fir si asetzen;

betount

- datt d'ADR déi Moosnamen ausdrécklech ënnerstëtzt, déi den Ukrainer hei am Land solle Schutz a Sécherheet ginn;

decidéiert

sech op nationalem Plang dofir anzesetzen, datt

- all Friddensofkommes, Waffestëllstandsofkommes, oder humanitär Reegelen tëscht de krichsféierende Parteien mat aller Kraaft ënnerstëtzt gëtt, inklusiv, wann dat sollt méiglech sinn, am Kader vun enger militärescher Friddensmissioun;
- d'Ukrain op bilateralem Plang politesch a wirtschaftlech ënnerstëtzt gëtt;
- op diplomateschem Plang eng resident Ambassade zu Kiew opgemaach gëtt, esou séier ewéi d'Situatioun et erlaabt;
- am Staatsbudget 2023 e „Fonds de reconstruction“ fir d'Ukrain ageriicht a mat 100 Milliounen Euro dotéiert gëtt;
- op bilateralem Niveau Projete fir d'Eruféiere vun der Ukrain un d'EU an Héicht vu 25 Milliounen Euro ënnerstëtzt ginn;

- an Zesummenaarbecht mat internationalen humanitären Organisatiounen, humanitär Projeten an der Ukrain identifizéiert a grousszügeg ënnerstëtzt ginn;
- iwwert déi nächst 10 Joer all Joer Studentebourse fir ukrainesch Staatsbierger ageriicht ginn, déi et jonke Leit erlaben, zu Lëtzebuerg ze wunnen, ze liewen an ze studéieren;
- Leit aus der Ukrain, déi medezinesch Hëllef brauchen, wa méiglech, kënnen op Lëtzebuerg transferéiert ginn, fir hei behandelt ze ginn;
- de Projet vun engem nationale Militärspidol séier ëmgesat gëtt;

sech op nationalem an op europäeschem Plang, och am Kader vun der ECR (European Conservatives and Reformists), dofir anzesetzen, datt

- eng Kandidatur vun der Ukrain fir Member an der EU ze ginn ka séier ënnersicht a Baitrëtsverhandlung virbereet ginn;
- e Baitrëtt vun der Ukrain an d'EU méiglech gëtt, esoubal d'Ukrain all d'Kopenhagener Krittären erfëllt an d'Verhandlungen ofgeschloss sinn.